

deen ee rennt, et net engem säin eegenen Auto ass, deen assuréiert ass, mä deem anere säin, esou ass et och hei beim Droit commun de la responsabilité civile net deen Terrain, deen de Propriétaire betréfft, méi déi Nuisancen, déi effektiv kénnte vun deem Terrain op e Propriétaire voisin oder en aneren ausgoen.

Wann een awer elo téschent der Rockhal an dem Kino en Terrain huet, deen net onbedéngt iergendeen Ausfloss huet op déi Terrainen niewendrun, déi dann der Agora gehéieren, da kénnt deen Terrain net énnert déi heite Stipulatioun falen an de Propriétaire oder den ancien Propriétaire ass net gezwongen en Assainissement virzehuelen. Dat ass net op menger Mësch gewuess. Ech hunn natierlech en Affekot konsultéiert, deen an dár Matière relativ vill Succès hat a leschter Zäit.

Allerdéngs besteht dann d'Gefor, wann een esou en Terrain hätt, dass do en Drock entsteet op d'Öffentlechkeet, wann elo op eemol téschent der Rockhal an dem Kino e Lach ass an d'Leit soen, mir tréllen émmer doran, wa mer erauskommen, an dass dann d'Öffentlechkeet awer seet, okay, da sanéiere mir dat och.

Do huet effektiv och den Artikel 16, Paragraph 3 vun deemselwechte Gesetz eng Formulatioun, déi ganz schwammeg ass. Déi seet nämlech, dass d'Autorités publiques némmen intervenéieren an d'Káschten, „notamment dans les cas où l'identification due et des responsables s'avère impossible, le ou les responsables sont insolubles ou ne sont pas couverts par une assurance ou une autre garantie financière suffisante“. Dat Wuert „notamment“ ass nämlech falsch, well et hätt ee misse soen „exclusivement“, well si intervenéieren émmer am Assainissement, notamment an deenen dote Fäll. Dat ass also eng Formulatioun, déi och net schrecklech glécklech ass an aus deem Grond wollt ech hei eng Proposition de loi déposéieren, déi den Artikel 16 vum Gesetz vum 17. Juni 1994 amendéiert, bezéigungsweis e Paragraph dobäi setzt, nämlech e Paragraph 4, an deen ass wéi folgt libelléiert: „Le propriétaire d'un site contaminé par l'effet de son exploitation par le propriétaire, ou si cette exploitation était à la connaissance du propriétaire lors de l'acquisition du terrain par un précédent propriétaire, est obligé de réhabiliter le site ainsi contaminé dans un délai de deux ans de la cessation de l'exploitation du site“.

An eng Disposition transitoire: „Pour les sites dont l'exploitation a cessé antérieurement à l'entrée en vigueur de la présente loi, le délai de deux ans court à partir de cette entrée en vigueur“.

Wann déi heite Proposition de loi géif zum Droe kommen innerhalb vun der Prozedur vun der Chamber, da kénnte mer eis réckwierkend mat deem heite Gesetz identifizéieren. Bis dohinner bleiwe mer

bei eiser positiver Enthalung zu dësem soss wichtigege Gesetz.

Ech soen lech merci.

## 10. Dépôt d'une proposition de loi

*M. Robert Garcia dépose sur le bureau de la Chambre sa*

- *Proposition 4823 visant à modifier la loi du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets.*

**M. le Président.**- Merci, Här Garcia.

Léif Kollegaen a Kolleginnen, mir hunn nach ongefíer 35 Minutte Riedezäit hei fir déi Häre Bisdorff, Bodry a Schroell an dann huet d'Regierung d'Wuert. Duerno géife mer dann ofstëmmen, selbstverständlech och nach iwvert déi sechs aner Projeten, déi mer de Mëttég diskutéiert hunn a wou schonn d'Lecture gemaach ginn as.

D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

## 11. Projet de loi 4779 autorisant les interventions financières de l'Etat en faveur de la société de développement ayant pour objet la reconversion d'anciens sites sidérurgiques (Suite)

*Discussion générale (Suite)*

**M. Aloyse Bisdorff (déri Lénk).**- Här President, ech wéll meng Interventioun net op de Masterplang an all Gesiichtspunkter, déi domat zesummenhänken, ausdehnen.

Déi Projeten, déi mat den Industriebrooche verbonne sinn, sinn zum groussen Deel gutt a sënnvoll a fannen eng breit Zoustëmmung. Mä dat ass net den Inhalt vun dësem Gesetzprojet, deen haapsächlech eng finanziell Komponent huet.

Wann et e Präis géif gi fir de finanzielle Camoufage, da missten d'ARBED an och d'Regierung dee kréien.

Et geet bei dësem Gesetzprojet net esou séier ém d'Bedeelegung vum Stat un enger Gesellschaft, mä fir ze héllegen der ARBED Industriebroochen ze valoriséieren, déi se eleng net hätt kenne vermaarten. Och eleng hätt se sécher keng Ênnerstëtzung fir esou Aktivitéité vu Bréissel kritt. D'ARBED huet nämlech do e schlechte Ruff, well se scho versicht huet sech Ênnerstëtzung ze erschläichen duerch falsch Angaben. Mir erënneren eis un d'Elektrostolwierk vu Schéffleng, dat duergestallt ginn ass, wéi wann dat eng Verbesserung fir d'Émwelt vun enger bestehender Anlag wier, woubäi et eng vollkommen nei Anlag war, mat